

Déi zweet Phas vum Projet betrëfft elo deen nêrdlechen Deel vun der Nordstreck tëscht der Giewelsmillen an Ëlwen. Dësen Deel soll elo dëst an d'nächst Joer ëmgesat ginn, fir dann am September 2024 a Betrib kënnen ze goen. D'Gesamtkäschte ginn awer mëttlerweil op daitlech iwwer 40 Milliounen geschätzt, soudatt fir dësen Deel och eng gesetzlech Autorisation néideg ass.

Och gouf eng Reevaluatioun vum Projet gemaach, fir erauszefannen, wat déi genee Grënn waren, datt de Projet méi deier ginn ass. Ursprénglech ware jo just 36,7 Milliounen Euro ugesat.

Dräi Haaptgrënn gëtt et, wisou de Projet de loi da méi deier gëtt.

Den éischte Grond ass op d'Innovation zréckzeféieren. D'Berechnungen waren ufanks optimisteschen an et ginn tatsächlech 13 Milliounen méi gebraucht.

Den zweete Grond ass, datt duerch déi innovativ Technik nei Funktionalitéiten agefouert kënnen ginn. Dat gouf eréischt am Laf vum Projet entdeckt an déi nei Funktionalitéiten erlaben zum Beispill, vum Stellwierk eraus Ralentissementer a Balisen ze schécken, soudatt bannent Minutte reagiert ka ginn. Déi Funktionalitéite kaschte 6,5 Milliounen Euro.

Den drëtten Grond ass, datt et manner Pause gouf, fir dee Projet ze realiséieren, dat, fir dem Client entgéintzekommen. D'Génie-civil-Entreprises hu sech also misse nei organiséieren, wat Onkäschte vun ongeféier 800.000 Euro gi sinn.

Ech schwätzen also hei vun engem Montant vu 54,7 Milliounen Euro plus 5 % Imprevu, da si mer bei engem Montant vun opgeronnt 57,5 Milliounen Euro.

Beim zweete Projet bei dësem Finanzéierungsgesetz geet et ëm en neit Stellwierk zu Beetebuerg. Déi aktuell Stellwierker Beetebuerg-Zentrum, Beetebuerg-Triage an Diddeleng-Usines, alles Stellwierker aus den 80er-Joren, sollen duerch e modern, digitaalt Stellwierk, wéi rezent eent zu Diddeleng realiséiert gouf, ersat ginn.

Den 13. Oktober 2011 gouf eng Motioun hei an der Chamber gestëmmt, fir déi néideg Etüden ze maachen. Elo soll da mam Projet ugefaange ginn, e ganz wichtege Projet. D'Stellwierk gëtt gebraucht, fir am Hierscht 2026 d'Neibaustreck Lëtzebuerg-Beetebuerg uschlëssen ze kënnen.

An och hei schwätze mer vun enger ganzer aler Stellwierktechnik, déi onbedéngt erneiert muss ginn. Engersäits gëtt déi al Technik guer net méi bei deene Jonken enseignéiert an anerersäits ass en neit Stellwierk hei och eng Premise, fir d'Modernisation vum Secteur Voyageurs an dem Secteur Marchandises kënnen ze maachen. Och hei, wéi ech et scho virdru beschriwwen hunn, gëtt den ETCS-System direkt an d'Stellwierk integréiert an d'Zuchlenkung gëtt automatiséiert, wat mat sech bréngt, datt eng besser Pünktlechkeet garantéiert ass.

D'Realisatioun vum dësem Projet ass an dräi gedeelt. Dat éischt ass d'Erneuerung vun den Aussenanlagen. Dat Zweet ass d'Erneuerung vum Stellwierk selwer. An dat Drëtt si Konnexaarbechten. An hei kënnt Der och weider Detailler a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Zu de Käschten: Dee gréisste Käschtedeel kënnt och hei vun der Signalisatioun mat 70,6 Milliounen Euro, d'Telekommunikatioun mat 10,7 Milliounen Euro, de Génie civil 9,7 Milliounen Euro an de Génie technique eng hallef Millioun, plus Imprevu vun 10 %. Da si mer opgeronnt bei 100,1 Milliounen Euro, fir also dräi Stellwierker am Beräich Beetebuerg zu engem neien digitale Stellwierk ze erneieren.

Beim virleien Project de loi 8104 geet et deemno, wéi ugangs erwänt, ëm e Gesamtinvestissement fir béid Projekte vun 158,5 Milliounen Euro.

De Rapport vun dësem Projet de loi 8104 ass de 25. Mee eestëmmege an der zoustänneger Kommissioun ugeholl ginn.

An ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimadder den Accord fir déi gréng Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth ageschriwwen.

**Discussion générale**

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Dat si wichteg Projekten. D'Madamm Rapportrice huet dat esou am Detail erkläert, mir ginn eis Zoustëmmung derfir, an dofir den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An dann ass et um honorabelen Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo, dee war seelen esou averstane mam Här Roth wéi dës Kéier. An d'Rapportrice, wéi gesot, huet alles gesot, soudass et fir mech och derbäi bleift, dass ech just hir géif Merci soen a felicitéieren. An ech ginn dann heimat och den Accord vun der Demokratescher Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hahn. An da wier et um honorabelen Här Carlo Weber.

**M. Carlo Weber** (LSAP) | Jo, merci der Rapportrice, der Madamm Chantal Gary. Hei geet et ëm d'Moderniséierung op eisem Schinnennetz an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Weber. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot. Ech mengen, et ass deem net méi vill bäizefügen. Ech wëll just vläicht soen: Et ass eng Verbesserung vun der Technik op de Stellwierker, op déi haiteg Technik, déi haut existéiert. An ech mengen, dat ass ze begrëssen. Dat dréit zur Sécherheet bäi. An duerfir gi mer och eisen Accord vun der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Also och vun eiser Fraktioun hei aus e grouse Merci un d'Rapportrice fir hiren exzellente mündlechen a schrëftleche Rapport. Hei geet et ëm ganz héich Investissementer am Beräich vun der Effikasitéit an der Sécurité, an duerfir droe mir dat heite mat. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary, an och mir ginn eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech kann et och

kuerz maachen. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir hire gudden Rapport a selbstverständlech der Chamber fir hir breet Zoustëmmung.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Regierung.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8104. Den Text steet am Document parlementaire 8104<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8104 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Max Hengel), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruichten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo (par Mme Tess Burton), Mmes Cécile Hemmen, Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 8. 8124 – Projet de loi relative au financement de l'exploitation des services de transports spécifiques réguliers spécialisés

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8124 iwwert d'Finanzéierung vu spezielle reegelméissegem Transportservicer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Rapportrice ass och dës Kéier déi honorabel Madamm Chantal Gary.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, och bei dësem Projet de loi, dem 8124, geet et ëm e Finanzéierungsgesetz am Beräich vum Transport, dës Kéier allerdéngs iwwert d'Strooss.

Et geet ëm d'Exploitatioun vun „transports spécifiques réguliers spécialisés“, dem sougenannte „Mobi-bus“ respektiv dem fréiere CAPABS. Dëse Service fält

am Kader vum öffentlichen Transport an déi e bësse méi komplizéiert Kategorie.

Mam Vott vun dësem Gesetzesprojekt erlaabt d'Chamber der Regierung, déi néideg Kontrakter fir d'Exploitation vu „services de transports spécifiques réguliers spécialisés“ bis zu engem maximale Montant vun 211.850.000 Euro TTC iwwer eng Period vu véier Joer ze maachen, woubäi dësse Montant halleftjäreg un de Coût de la vie ugepasst gëtt.

De Mobibus huet als Aufgab, Persounen mat engem sozialen, mentalen oder physischen Handicap, Persounen, déi den Transport régulier net benotze kënnen, ze transportéieren. Et geet drëm, fir déi concernéiert Persounen den alldieglechen Déplacement an d'Schoulen, d'Lyceën, an d'Centres de compétences, op d'Schaff ze assureieren.

D'Services de transports spécifiques réguliers spécialisés goufen ursprénglech vum Staat finanziert, spéider kuerzzeiteg vun de betraffene Gemengen an Associatiounen an haut si se nees en charge vum Staat. Ab 2015 hu mer vu CAPABS geschwat a säit 2022 heescht dësse Service, wéi schonn ugangs gesot, Mobibus.

Ugangs September, bei der Rentrée, goufen 189 Institutionen desservéiert. E Mount drop waren et der scho quasi 10 méi. Un den Unzuele vun de Beneficiairë gesäit een, datt se relativ staark an d'Luucht gaange sinn. A Korrelatioun dozou ass de Coût besonnesch fir 2022 weesentlech an d'Luucht gaangen. Säit 2015 bis 2020 war de Budget relativ stabil. 2021 ass en e gudder Krack an d'Luucht gaangen an 2022 ass en nach eemol weesentlech gestiegen.

Aktuell gëtt et zwee Exploitanten, déi dësse Service assureieren, wou d'Kontrakter awer Enn vun dësem Joer auslafen. Duerfir geet et elo drëm, nei Kontrakter auszeschaffen, fir d'Kontinuitéit vun dësem Service ze garantéieren a weider ze amelioréieren.

De Gros vun den Transporter gëtt majoritairement mat Minibusser mat Plaz fir bis zu néng Leit gefuer. D'Iddi ass et, wéi beim öffentlichen Transport üblech, méi Leit zesummen am nämmleche Vehicule ze regroupéieren, woubäi natierlech jidderengem seng spezifesch Besoine respektéiert solle ginn.

Fir d'Rentrée 2022 goufe 4.235 Persounen gezielt, déi vun dësem Service profitéieren. Wuelverstanen ass dat net d'Unzuel vu Leit, déi de Service all Dag an Usproch huelen.

D'Variatiounen tëscht 2021 an 2022 fir dat éischt Semester haten eng Augmentatioun vun 9,63 % am Kilometrage a plus 17 % bei de Käschen. Wann ee weiderhi vun deene plus 17 % ausgeet, gouf eng Estimatioun ausgeschafft, fir d'Käsche vum zweete Semester vun 2022 ze schätzen. No dëser Estimatioun géif de Gesamtkäschtepunkt vun 2022 bei ongeféier 47.344.000 Euro leien an d'Käschte fir d'Joer 2023 bei 49.772.903 Euro.

Wann een also dës Chifferen hält, zousätzlech zu enger Durée de marché vu véier Joer ab 2024 ausgeet, geneewéi och vun enger Hypothees vun enger konstanter Progressioun vum Kilometervolume vu plus 2,5 % pro Joer an och vun der Evaluatioun vum Präisindex, sou wéi vum Statec estiméiert, da kënnt een op eng Envergure vum Mobibus-Marché vun 211.850.000 Euro TTC. Weider Detailler fannt Der wéi gewinnt a mengem schrëftleche Rapport.

Här President, dëst ass e Projet de loi, dee Mënsche mat engem sozialen, mentalen oder physischen Handicap, an deemno mat spezielle Besoinen am Mobilitätsberäich, d'Méiglechkeet gëtt, e gläichberechtigten Zougang zu öffentlichen Transportleeschtungen ze hunn. Duerfir sinn ech ganz frou, datt de Rapport

de 25. Mee dëst Joer an der zoustänneger Kommission eestëmmeg ugehall ginn ass.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn dann och heimadder den Accord fir déi gréng Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen och hei der Madamm Rapportrice Chantal Gary Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Roth.

#### *Discussion générale*

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, och nach eng Kéier Merci der Madamm Chantal Gary fir hire komplette Rapport. A selbstverständlech gi mer d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An dann ass et och hei als Nächsten um Här Max Hahn.

**M. Max Hahn** (DP) | Jo, ech ka mech och do just de Wieder vum Här Roth uschléissen. Mir ginn och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a soen nach eng Kéier der Rapportrice villmools Merci fir déi zwee ganz gutt Rapporten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hahn. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Mat deem heite Finanzéierungsgesetz schafe mer jo d'Méiglechkeet, de Service vu CAPABS, wéi et elo richteg gesot ginn ass, méttlerweil och als Mobibus émgedeeft, ze assureieren.

Bis elo war et jo nämlech esou, dass e Finanzéierungsgesetz net néideg gewiescht wier, well déi järelech Ausgaben de Seuil vu 40 Milliounen Euro net iwwerschritt hunn.

E Punkt, deen ech am Avis vum Konkurrenzrot nawell ganz interessant fonnt hunn, ass de Fait, dass se drop hiweisen, dass bei den öffentlichen Ausschreibungen net de Präis eleng den Entscheidungsfacteur kéint sinn, mee datt sozial Krittären, an dësem Fall vun de Persounen à mobilité réduite, souwéi och d'Aarbechtskonditiounen kéinten a Betruecht gezu ginn. Duerfir kënne mer jo wierklech dervun ausgoen, dass mat dem Budget vun iwwer 211 Milliounen, déi mir fir de Service vum Mobibus fir d'Period 2024-2027 zur Verfügung stellen, de Besoine vun de Clientë Rechnung gedroe gëtt.

Sech kënne fräi ze deplacéieren ass een essenzielle Besoin fir all Mënsch, awer besonnesch fir déijéineg, déi duerch Ëmstänn, a souguer onglécklech Ëmstänn an dësem Fall, an hirer Mobilitéit ageschränkt sinn.

Scho viru knapp zwee Méint hunn ech an der Froestonn op eng Rei Mëssstänn beim Service vum Adapto-Mobibus higewisen, déi mir als Deputéiert zougedroe goufen. Mir waarden elo op d'Resultater vun der Etüd, déi hei amgaangen ass gemaach ze ginn, an duerno misst dann esou séier wéi méiglech nogebessert ginn.

Fir elo soen ech einfach haart an daitlech, dass dësse Service soll kaschten, wat e kascht, Haaptsaach, e funktionéiert!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Cécile Hemmen** (LSAP) | An natierlech gëtt d'LSAP hir Zoustëmmung. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen** (ADR) | Merci, Här President. Fir unzefänken, der Madamm Chantal Gary en häerzleche Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot. Et ass e ganz wichtege soziale Projet, dee mer haut stëmmen am Interessi vun de Betraffenen. An dofir gi mer och den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz.

Merci, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Engelen. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Och vun eis hei der Rapportrice e grousser Merci fir hiren exzellente mündlechen a schrëftleche Rapport.

Mir sinn och als déi Lénk der Meenung, datt dësse ganz wichtege Service eigentlech eng staatlech Aufgab ass an dofir och misst vun öffentlichen Hand gedroe ginn, soudatt hei alles richteg gemaach gëtt. Ech mengen, hei ginn déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt an dat ass ganz, ganz, ganz wichteg a richteg. Awer genausou, wéi meng Virriednerin et gesot huet, hu mir den Avis vun der Autorité de la concurrence och gutt gelies. A mir sinn hirer Meenung zu deem Gesetz iwwert de Marché public, dat jo virgesäit, datt de Staat eebe kann déi sozial an ekologesch Krittären a seng Ausschreibungen drasetzen. A mir hoffen, datt dat och gemaach gëtt vum Här Minister.

An dofir, mir ginn awer hei eisen Accord fir dat do ganz, ganz wichteg Gesetz, well, an dat ass och scho vu menger Virriednerin gesot ginn, et ass immens wichteg, datt déi Leit, déi op de Mobibus ugewise sinn, mobill bleiwe kënnen a sech kënnen deplacéieren vun A op B. An et ass wichteg, datt mer dat Geld drastiechen, wat mer mussen drastiechen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An d'Wuert geet un den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och dem Chantal Gary. Och mir ginn eisen Accord.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech kann et hei och kuerz maachen, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire Rapport a sämtlechen Deputéierte fir déi unanime Zoustëmmung. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8124. Den Text steet am Document parlementaire 8124<sup>3</sup>.

#### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 8124 et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Elisabeth Margue), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*



MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener (par Mme Tess Burton), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 8071 – Débat d'orientation sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2021)

Mir hunn haut eng Orientierungsdebat iwwert de Rapport d'activité vum Ombudsman iwwert d'Joer 2021. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An als Éischt héiere mer den Här Jean-Paul Schaaf als Rapporteur vum der Petitionskommission, déi des Orientierungsdebat ugefrot huet. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

**Plusieurs voix** | Très bien!

### Rapport de la Commission des Pétitions

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV), rapporteur | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer eng Eier, hei kënnen de Rapport d'activité 2021 vum Ombudsman kuerz virstellen. Ech soe kuerz, well et kann een net déi iwwer 200 Säiten aus deem Rapport, deen d'Ombudsman gemaach huet, an duerno nach dee Resümee, dee mer och an der Kommission guttgeheescht hunn, hei in extenso virstellen.

Erlaabt mer awer, fir d'éischt am Numm vum der Petitionskommission der Madamm Monti an hirer ganzer Ekip e ganz häerzleche Merci auszedrécke fir dese wierklech kompletten an detailléierten Aktivitéitsbericht, dee si eis virgeluecht hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV), rapporteur | D'Verhältnis vum der Madamm Monti mat der Chamber war och an deem Joer, iwwert dat et hei geet, erëm exzellent. No der ausféierlecher Presentatioun vum Rapport konnte jo all d'Deputéiert och hei Froe stellen a kruten och detailléiert an zefriddestellend Äntwerte vum der Mediatrice.

Merci awer och dem Här Spier vum der Chamber-administratioun a senger Ekip, déi dese Prozess ganz enk begleet hunn. An der Presidentin vum eiser Petitionskommission wëll ech Merci soen, der Madamm Arendt, déi sech, esou wéi all déi aner Membere vum der Kommission, ganz intensiv mat där do Thematik auserneegesat huet.

A schlussendlech awer e Merci, an deen ass mer wichteg, un all déi aner Chamberskommissionen, well hir Presidentinnen a Presidente ganz séier déi Deeler aus dem Rapport vum Ombudsman op den Ordre du

jour vum hirer Kommission gesat hunn, déi eeben hire Ressort betreffen. An do konnten eeben d'Deputéiert, zesumme mat de Beamten a mat de Ministere, dann zu de respektive Reklamatiounen, déi bei der Ombudsman erakomm sinn zu hirer Kommission, Stellung huelen a sech och inhaltlech domadder auserneesetzen.

Ech war bei enger Rei vum deenen Diskussiounen derbäi an ech muss soen, datt ech konnt feststellen, an ech si ganz frou doriwwer, dass ganz seriö doriwwer diskutéiert ginn ass, dass sech wierklech léisungsorientéiert an detailléiert mat den Uleisse vum Avis vum Ombudsman befaasst ginn ass. Et war eigentlech flott ze gesinn, wéi eescht dat geholl gëtt a wéi seriö sech mat den Awänn vum der Leit zu der Verwaltungsoflee befaasst ginn ass.

Här President, d'Roll vum Ombudsman ass eng ganz wichteg an eiser Gesellschaft.

Engersäits hëlleft den Ombudsman de Bierger, fir sech an der Komplexitéit vum eise Gesetzter an Administratiounen erëmfannen a gëtt Gewëssheet, dass een am Zweifelsfall net eleng gelooss gëtt vum enger staatlecher administrativer Verwaltungsmaschinn.

Anerersäits hëlleft en awer och den Administratiounen an de Servicer, sech ze optimiséieren an dee beschtméigleche Service fir d'Bierger ze garantéieren. Op deem Punkt muss een ervirhiewen, dass déi meescht Verwaltungen an de leschte Jore scho vill Efforte gemaach hunn an hir Servicer signifikant verbessert hunn, an derfir gesuergt hunn, dass e gudde Zougang zu de Servicer ass, an dass besonnesch an der Zäit vum der Pandemie Déngschtleeschungen och online méiglech gemaach gi sinn.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Dës war dann och am Joer 2021 de Fall, wat, ech hunn et elo gesot, ee Joer vum der Pandemie war, een Émstand, dee fir keng Administratioun einfach war, wat den Zougang betrëfft.

Mee och fir de Bierger bleift et nach ëmmer schwéier, sech zurechtzefannen an där neier digitaler Welt. Den Ombudsman ënnersträicht duerfir och ëmmer op en Neits, datt et beim Accès zu den öffentliche Servicer grouss Ongläichheeten tëschent de verschiddenen Administratiounen gëtt. Virun allem eis eeler a vulnerabel Bierger hunn am meeschten dorënner gelidden, datt am Joer 2021 vill Guicheten zou waren, et wéineg physische Kontakt gouf a verschidden Demarchen nëmmen nach iwwert den digitale Wee méiglech waren.

An ech wëll hei och op déi Leit verweisen, déi am Internet net fit sinn, déi kee PC doheem hunn an déi sech mam Handy als eenzeg digital Verbindung erëmklappen. Op deem Wee Formularen auszufüllen, se ze signéieren an ze mailen, dat ass net ëmmer evident an deels mol net méiglech.

Schliisslech och déijéineg Matbierger, déi benodelegt liewen an déi isoléiert, administrativ, finanziell, gesondheetlech oder och einfach intellektuell net fit genuch sinn, fir sech sécher genuch ze spiere beim digitalen Zougang.

D'Ombudsman weist an deem Kontext eeben drop hin, dass mer och nach d'Angscht vum transparente Bierger kennen an dass d'Leit riskéieren, eng Demarche net ze maachen, well se dem elektronischen Datefloss net trauen. An natierlech hu se an enger digitaler Demarche keen, dee se kënnen froen, wat mat hiren Donnéeën geschitt, firwat se déi oder déi Informatioun musse ginn. Sou geet dat dann net, an da bleift e gewëssent Mësstrauen.

An net all d'perséinlech Situatiounen passen eeben an de Standard vum engem Formulaire. An ouni e Beamten, deen dann Hëllef leescht, fillt ee sech als Demandeur munchmol onsécher an net gutt beroden.

An deem Sënn zitéiert d'Madamm Monti dann och d'Charte des droits fondamentaux vum der Europäescher Union, déi ënnersträicht, wéi wichteg et ass, an ech zitéieren, „de multiplier les actions pour garantir un accès libre, gratuit et simplifié aux procédures administratives“.

An d'Madamm Monti deelt mat eis am Rapport d'Charte vu Marrakech. Dat ass eng Charte, déi ass den 18. Mee 2022 vum der Association des Ombudsmans et des Médiateurs de la Francophonie ugeholl ginn. Dës Charte verdäiwelt net d'Digitalisatioun, mee si weist drop hin, dass net all d'Mënsche fit dofir sinn an dass ëmmer een alternativen Zougangsweg zu de Leeschtungen vum den öffentliche Verwaltungen muss garantéiert sinn. Et ass eng Charte, déi just acht Artikelen huet, se ass also derwäert, gelies ze ginn. Duerfir hunn ech se och integral an de Rapport iwwerholl.

Här President, ech komme kuerz op d'Zuele vum deem Rapport ze schwätzen. Ech soen och hei der Madamm Monti Merci, well mir kruten eng Opléschung vum den Zuelen och iwwert d'Joren, soudass een eigentlech d'Reklamatiounen och am Verlaf vum der Jore kann analyséieren a kucken.

Doduerjer léisst sech erkennen, dass am Joer 2021 975 Reklamatiounen beim Ombudsman agereecht gi sinn. Dës Zuel bleift an deene leschte Jore relativ konstant mat 914 Reklamatiounen d'Joer virduer, an déi selwecht Zuel, 975 Reklamatiounen, am Joer 2019. Dat weist also, dass d'Institution gutt funktionéiert an dobausse bei der Leit och bekannt ass.

Vun 2015 bis 2021 ginn all Joer an der Moyenne 922 Reklamatiounen am Service vum Ombudsman eran. Vun deenen 975 Reklamatiounen am Joer 2021 sinn der 273 als recevabel a begrënt unerkannt ginn. Dovunner huet d'Ombudsman der 219 kënnen léisen a kënn domat op en Taux de correction global vum 80,2 %. Dësen héijen Taux ass och änlech héich wéi am Coronajoer 2020 mat 81,7 %.

Da wëll ech och direkt hei eng Recommandatioun mengersäits un d'Ombudsman maachen, fir an den zukünftege Rapporten den Taux de correction e bësse méi kloer ze benennen als den Taux de correction vum den traitéierte Reklamatiounen. Et soll ee jo net dobausse verstoen, dass 80,2 % vum den insgesamt 975 Reklamatiounen positiv traitéiert an am Interêt vum Demandeur geléist gi wieren.

D'Opschlëssung ergëtt, an dat ass och logesch, Folgendes: 226 Reklamatiounen sinn net fondéiert erakomm; 188 waren der um Enn vum Joresexercice nach net ofgeschloss, konnten also net an der Statistik erëmkommen; 151-mol huet de Reklamant selwer sech zrëckgezu vu sengem Award; an 120 waren der net recevabel, fir just do déi Haaptchifferen ze nennen.

Also fir d'Kloerheet duerfir mäi Wonsch, dass een dat an engem nächste Rapport preziséiert, fir dass mer net do iergefouert ginn, oder mir verstinn et an aner Leit vläicht net.

D'Ministère, bei deenen déi meescht Reklamatiounen erakomm sinn, bleiwen och an der Hitlëscht, wann ech dat esou dierf nennen, déi nämmleche wéi déi Jore virduer. Den Ausseministère ass un éischer Stell mat 192 Stéck, duerno de Ministère fir sozial Sécherheet an de Finanzministère an dann de Familljeministère.

Drei Ministère kruten 2020/2021 guer keng Reklamatiounen géint hir Decisiounen: Dat waren de